



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.68796.SECR

Péteng, den 12. November 2025

Betreff: Är Froe vum 12. Oktober 2025

(Den Dossier gött bearbecht vum Jerry Schmit- Tel.: 50 12 51 - 2012)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 6. Oktober 2025, deen der Gemengeverwaltung den 12. Oktober 2025 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, waert Membere vum Schäfferot,

Am Punkt 3 "Convention relative au financement et à l'organisation de l'exploitation des services de transports publics par le Syndicat des Tramways intercommunaux dans le Canton d'Esch (TICE) - décision" vum Ordre du jour vun der Gemengerotssëtzung vum 2. Oktober, konnten all Conseiller aus dem Gemengerot déi néi Konventioun vum TICE kommentéieren a Froe bezüglech der Konventioun stellen.

Ech wollt an dëser Intro festhalen, dat keen, souwuel den Délégué vun der CSV, nach de Buergermeeschter an och keen Invité vum TICE an Innenminister, op meng Froen, den 2. Oktober an der öffentlecher Sitzung agaange sinn. Den Här Bernard gouf just bezüchlegt, Angscht ze verbreeden!

Leider konnt/wollt keen op d'Froen agoen, déi sech op déi verschidden Artikelen aus der Konventioun bezunn hunn äntwerten. Ech well bemierken, dat keng vu meng Froen sech op déi aktuell Personal Situatioun bezunn huet!

Dowéinst géif ech profitéieren, meng Froen nach emol schrëftlech eranzerechen.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Betreffend dem Artikel 7, wéi misst een eng Resiliatioun vun dëser Konventioun verstoen, a wéini géif eng Resiliatioun a Fro kommen?*
- 2. Huet Gemeng Péiteng eng Voie de Recours, falls et zur Resiliatioun vun dëser Konventioun géif kommen?*
- 3. Den Artikel 8 beschäftegt sech mat der Méiglechkeet, Modifikatiounen vun dëser Konventioun duerchzeféieren.
Wei eng Modifikatiounen si hei ugeduecht ? Bezunn op finanzieller Natur, materieller Natur, punkto Personal.*



4. *Wat geschitt wann eng Gemeng eng Modifikatioun net well matdroen? An der Konventioun kloer, dat all 9 Gemengen eng Modifikatioun mussen accordéieren an zoustëmme sollen?*
5. *Leeft des Konventioun sécher den 1. Januar 2027 un? Wa jo, hu BiergerInnen och Matsproocherecht? Wajo, wéi soll een sech dat virstellen?*
6. *D'Konventioun vum Syndicat mixed sollt den 1. Januar 2027 ulafen. Ginn bis den 2027 nach Fonctionnaireren agestallt? Wat geschitt mat de Salariënen déi ënnert engem CDD a CDI lafen missten een néien Avenant kréien?*
7. *Am Artikel 4 gett iwwer Sanktioune geschwat, wann de budgetäre Plaffong iwwerschratt ass. Wéi muss een sech bei Sanktioune virstellen, ween muss déi Sanktioune droen a ween schwätzt d'Sanktioune aus?*
8. *Wéini gouf ënnert de Buergermeeschtere beschwat (Datum), dat e Syndicat mixed déi beschte méiglech Optioun ass fir eise Busreseau am Süden?*
9. *Firwat ass den TICE net esou evaluéiert an evoluéiert gi, wéi d'CFL Bussen an AVL an der Stadt Lëtzebuerg?*
10. *Wéi a wéini kritt lokal Populatioun mat gedeelt dat de Syndicat mixed sech forméiert huet a wat alles fir Verännerunge stattfannen?*
11. *Ass et richteg datt an den 10 Joer vun 2027 aus unn, Bedeelegung vum TICE emmer weider wärt erofgoen an dat sech den Undeel am Syndicat mixed vun TICE emmer weider wärt ofhuelen? Wann net, wéi gesäit de Businessplang vum TICE bis 2037 aus?*
12. *Hunn all 9 Gemengen déi selwecht finanziell Bedeelegung (vun 2027-2037) pro Joer oder geet finanziell Bedeelegung no der Awunnerzuel respektiv der Gemengefläch?*
13. *Wiesou gouf an enger ëffentlecher Sëtzung iwwer de Syndicat mixed ofgestëmmt, wann et an der Chamber bis zu dësem Datum kee Gesetzestext gouf?*
14. *Falls déi richteg Zuelen, vum Finanzement betreffend dem Syndicat mixed, iwwermëttelt goufen, dann iwwerhëlt de Staat 5/6 vum Finanzement vum Syndicat mixed a Zukunft, d'Gemenge 1/6 vum Finanzement vum Syndicat mixed. Deemno leeft et drop eraus dat all Gemeng just 1/54 vum Finanzement vum Syndicat mixed iwwerhëllt.*

Ass de Schäfferot no dësen Zuelen, dat eng Gemeng weider dat neidescht finanziell Matsproocherecht huet wéi an der aktueller, besteender Situatioun vum TICE?

Mat Respekt,

*Chris Bernard
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. Dat ass just eng hypotheesch Méiglechkeet. Dofir eis Géigefro. Firwat soll et zu enger Resiliatioun vun engem laangfristeg geplangte Projet komme wann all d'Acteuren (Staat, TICE an déi 9 Gemengen) fest virhunn zesummen an déi selwecht Richtung ze goen an zesummen un engem Strang ze zéien ?
2. Jo.
3. De Schäfferot versteet är Fro net, de Fall ass kloer am Artikel 8 beschriwwen: "Les Parties conviennent de revoir les stipulations de la présente convention en vue de tenir compte d'une éventuelle évolution du cadre légal communautaire ou luxembourgeois ayant un impact sur l'organisation ou la compensation des transports publics au Luxembourg."
4. Den Text ass kloer am Artikel 8 steet: "Toute modification de cette convention exige le consentement de toutes les parties."
5. Jo, déi Konventioun leeft den 1. Januar 2027 un.

D'Matsproocherecht gëtt all 6 Joer op kommunalem Niveau iwwert d'Wal vun de Gemengerotsmamberen definéiert, ob déi Gewielten aus der Majoritéit genee esou wéi aus der Oppositioun hier Aarbecht gutt oder net gutt gemaach hunn.
6. Dat si gestiounstechesch Froen déi dir dem Syndicat musst stellen.
7. Am Artikel 4 steet näischt vu Sanctiounen.
8. Dat gouf a Preparatiounssëtzunge vun alle concernéierte Buergermeeschteren am éischte Semester 2025 beschwat.
9. D'Gemeng kann dat net beurteilen ob dat richteg ass wat dir sot, dat sinn gestiounstechesch Froen déi dir dem Syndicat musst stellen.
10. Déi Kommunikatioun opläit dem Kompetenzberäich vum Gemengesyndikat an Zesummenaarbecht mam Ministère.
11. De Schäfferot versteet är Fro net, wann de Syndicat-mixte bis besteet da gëtt et kee Gemengesyndicat TICE méi, deen ass dann opgeléist!

Artikel 3: "Il informe les usagers et gère son réseau d'autobus dans la région sud jusqu'à sa dissolution et sa reprise par la constitution du syndicat mixte État-communes qui reprend ses activités."
12. Och dëst hätt dir kloer am Arikle 4, Punkt 4.2.2. vun der Conventioun kintten erausliesen: "Les conditions de versement de cette participation communale restent inchangées et suivent l'approche actuellement en vigueur au TICE.""
13. D'Conventioun ass keng Créatioun vun engem Syndicat-mixte et ass eng Décision de Principe an en Optrag dëse Syndicat-mixte ze forméieren.
14. Mir verweisen op d'Äntwert vun der Fro 12.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,